1- 2020-0-9-6450-01 (n°3508)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt: Jeff Engelen

Tratten, den 28. Abrëll 2021

Heure d'actualité au sujet de la Gouvernance des établissements hospitaliers

1

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Waardezäiten an den Urgencen am ganze Land dacks ganz laang sinn;
- datt et an der Praxis virkënnt, datt ganz vill Stonne vergoe kënnen tëscht der Umeldung an der Entloossung vum Patient;

ass sech bewosst,

- datt dësen zäitlechen Oflaf dem Patient, dee jo generell an enger schlechter Verfassung ass, a ville Fäll net zoumuttbar ass;

fuerdert d'Regierung op,

- den zäitlechen Oflaf vun der Umeldung bis zu der Entloossung vum Patient an allen Urgencen am Land ze ënnersichen,
- an allen Urgencen am Land eng Analys duerchzeféieren, wat d'Grënn an d'Ursaache fir déi dacks onzoumuttbar Waardezäite sinn;
- opgrond vun de Resultater vun där Analys all néideg Moossnamen ze treffen, fir d'Waardezäiten an den Urgencen fir de Patient op e Minimum ze reduzéieren.

Jeff Engelen
Deputéierten